PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft, Finanzen & Aarbecht weiderzeleeden.

D'Schwaarzaabrecht (travail clandestin) ass an den Artikelen L. 571-1 bis L. 573-5 vum Code du travail definéiert. Hei kënnen Strofen vu bis zu 5'000€ a 6 Méint Prison den Aarbechter erwaarden. Wann ee Persounen beschäftegt, déi zousätzlech keng Openthaltsgenehmegung hunn, kann dat mat bis zu engem Joer Prison an 20'000€ bestrooft ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi schätzen d'Ministeren d'Ausmosse vun der Schwaarzaarbecht zu Lëtzebuerg an? Hu si Schätzungen, wéi vill de Lëtzebuerger Staat hei un Steiereinnahmen an awer och duerch net bezuelte sozial Leechtunge verléiert?

2. De LISER huet 2007 eng Etüd zum Thema "Le travail non-déclaré au Luxembourg" veréffentlecht. Wéider Etüde sinn net ze fannen. An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2159 aus dem Joer 2016 gouf erkläert, dass keng Statistiken zu dësem Thema gefouert géife ginn.
   Ginn/goufe mëttelweil Statistiken respektiv wëssenschaftlech Etüde zum Thema Schwaarzaarbecht zu Lëtzebuerg opgestallt?
   - Wa jo, ëm wéi eng handelt et sech?
   - Wann nee, fannen d'Ministere net, dass esou Donnéën wichteg wieren, fir de Problem aschätzen an dogéint virgoen ze kënnen?

3. Och op de sozial Medien fënnt ee Gruppen, an deene Leit Aarbechter sichen, déi schwaarz schaffen, respektiv wou Aarbechter esou Servicer ubidden.
   Ass d'ITM an Douane iwwert esou Gruppen um Courant?
   - Wa jo, gëtt hei ee Monitoring gemaach?
   - Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député